N°1361
Entrée le 13.11.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

Äntwert vum Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel Xavier Bettel a vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit Serge Wilmes op d'parlamentaresch Fro n°1361 vum 15. Oktober 2024 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement

D'Entscheedung, déi 29. Klimakonferenz vun de Vereenten Natiounen (COP29) am Joer 2024 zu Baku ofzehalen gouf den 11. Dezember 2023 eestëmmeg vun alle Participanten ënnerstëtzt, nodeems Armenien de 7. Dezember 2023 op der COP28 ugekënnegt hat, am Kader vun den Normaliséierungsefforte mam Aserbaidjan, seng Kandidatur am regionale Grupp vun den osteuropäesche Länner zeréckzezéien an d'Kandidatur vu sengem Konkurrent ze ënnerstëtzen. D'Klimakonferenze vun de Vereenten Natioune sinn een eenzegaartegen a wichtege Forum fir d'international Verhandlunge fir d'Bekämpfung vum Klimawandel virunzedreiwen. Ewéi hir Virgänger, bitt d'COP29 alle Länner eng Méiglechkeet hir Bedenken a Virschléi am Beräich vum Klimaschutz auszedrécken. D'Bedeelegung vun alle Participanten, dorënner och Lëtzebuerg, ass entscheedend fir bei der globaler Fro vum Klimaschutz virunzekommen. An där Hisiicht wäert de Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit Serge Wilmes, d'Lëtzebuerger Regierung op der COP29 zu Baku vertrieden.

D'Bedenken, déi an der parlamentarescher Fro ernimmt ginn, sinn an den Ae vun der Regierung legitim an et ass der Regierung dohier wichteg virun an no der COP29 den Dialog mam Aserbaidjan doriwwer weiderzeféieren. De Friddensprozess tëscht Armenien an Aserbaidjan, abegraff d'Situatioun vun den armeenesche Gefaangenen, esouwéi d'Mënscherechtssituatioun am Aserbaidjan goufen am Hibléck op d'COP29 op allen Niveaue géigeniwwer dem Aserbaidjan opbruecht. D'Regierung ass der Opfaassung, dass béid Parteie keng Efforte sollte scheie fir den Normaliséierungsprozess virun, wärend an no der COP29 decisiv virunzedreiwen. De Vizepremierminister a Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel, Xavier Bettel, huet no senger Visitt vum 9. an 10. September 2024 an Armenien den Dialog mat béide Parteien oprechterhalen a si dozou opgeruff d'Geleeënheet vun der COP29 ze notze fir mat entscheedende Schrëtt een dauerhafte Fridden an der Regioun ze sécheren. An deem Zesummenhang, huet de Vizepremierminister a Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel, Xavier Bettel, d'Kommissiounspresidentin Ursula von der Leyen, an hirer Roll als Delegatiounscheffin vun der Europäescher Union fir d'COP29, schréftlech dozou opgeruff hir Bedeelegung un der Konferenz ze notze fir ee positiven Impakt op d'Friddensefforten tëscht béide Parteien auszeüben. D'COP29 bitt och eng gutt Geleeënheet fir op d'Mënscherechtssituatioun am Aserbaidjan opmierksam ze maachen. Et ass der Regierung ënnert anerem wichteg, dass d'Zivilgesellschaft, dorënner och Klima- a Mënscherechtsaktivisten, ouni Aschränkungen un der COP29 deelhuele kënnen.

D'Regierung ass zudeem zudéifst besuergt iwwert d'Areesverbuet, dat den Aserbaidjan géint 76 Membere vun der Parlamentarescher Assemblée vum Europarot erlooss huet. Zesumme mat 13 anere Memberstaate vum Europarot, huet Lëtzebuerg dës Aktioun géint demokratesch gewielte Vertrieder am Ministerkommitee vum Europarot staark verurteelt an den Aserbaidjan dozou opgeruff seng Entscheedung réckgängeg ze maachen.

Lëtzebuerg, den 13 November 2024

De Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten
an Aussenhandel
(s.) Xavier Bettel